ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Vu besuergten Eltere sinn ech gewuer ginn, datt Kanner aus enger Klass 4.2. en Theatersték mam Titel "Ein Känguru wie Du" musse kucke goen an dem et – der Beschreiwung no déi d'Kanner ausgedeelt kruten – haaptsächlech em d'Homosexualitéit geet.

Dowéinst wollt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

1) Ass et am Unterrechtsplang virgesinn, datt Kanner mussen Theaterstécker iwwer d'Homosexualitéit kucke goen? Ass d'Participatioun un esou Evenementer obligatoresch? Kënnen d'Elteren decidéieren, ob hir Kanner do solle mat goen oder net?
2) Wéi vill Klassen a wéi engem Alter hu schonn esou Stécker misse kucke goen? Wien ass fir déi Organisatioun responsabel?
3) Ass den Här Minister der Meenung dat et fir Kanner am Cycle 4.2. altersgerecht ass Theaterstécker iwwer d'Homosexualitéit kucken ze goen?
4) Ass et och virgesinn, de Kanner Theaterstécker iwwer heterosexuell, traditionell an natierlech Familljen ze weisen an deenen dee Liewensmodell positiv duergestallt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire
ADR – Parti politique
22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg
Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745